



# NEWSLETTER

## 9. JANUAR : KICK OFF VUM MERITE JEUNESSE AM LTB



De 9.1.2018 huet de Prënz Guillaume eng Visite am LTB gemat fir de Mérite Jeunesse de Schüler vu 9<sup>e</sup> z'expléieren an offiziell d'Konventioun mam LTB z'ennerschreiwen. Bei dësem gesellege Moment huet de Prënz sech ganz interesséiert gewisen un der Aarbecht déi am LTB gelescht gët.



## DAT EISCHT JOER

Du as d'Aarbecht lass gaangen. 5 Schüler ( 4 vun der 9<sup>e</sup> STP an 1 vun der 9<sup>e</sup> PR) haten sech gemellt fir d'Aventure vum Mérite Jeunesse unzegoen. Et housch 3 Méint sech pro Beraich z'engagéieren. Dës Engagement waren natierlech nëmmen méiglech Dank der grousser Ennerstetzung vun eise Partner (Caritas, Deierenasyl, CIPA Esch, ...)

De groussen Ofschloss vun der Aventure war eng Expeditioun déi vum 27.10 bis 28.10.2018 am Süde vum Land stattfonnt huet. Den Romain Hild huet eis Schüler op déi Expeditioun virbereet.

Mat Hëllef vun enger Landkaart haten déi Jonk sech schonn am Viirfeld e Wee duerch de Bësch erausgesicht.

Fir den Trajet vu Kayl op Esch waren, zu Fouss, 6 Stonne viirgesinn.

Orientatiounsverméige war gefrot, awer och Ausdauer.

D' Fähegkeet seng Zäit anzedeelen war grad esou wichteg, kee wollt d' Zelt um Escher Camping am Däischtere mussen opriichten. Och d' Feier an d' Kachen huet net däerfen ze spéit ugefaange ginn. D' Material an d' lesse waren an de Rucksäck opgedeelt ginn. An der Nuecht war et kal, huet also eng weider Erausfuorderung duergestallt.

Den zweeten Dag sinn si en anere Wee zeréck op Kayl gewandert.

Et war eng positiv Erfahrung, mat onerwaarte Situatiounen, déi am Team geléist konnte ginn.

Den 28. März 2019 hu mer déi eischt Schüler vum LTB déi bei där prestigiéiser Remise des insignes derbei kenne sin. Si kënnen all stolz op sech sin an Dank der Ennerstetzung vun hiren Enseignant'en, den Tuteur'en an de Partner, hu si vill flott Momenter gesammelt a besonnesch si si iwwert sech selwer erausgewuess.

## **NEVER STOP A WINNING IDEA**

Den Ofschloss vun engem Joër beim Mérite Jeunesse as natierlech och erem de Startschoss fir de Recrut vu neie Kandidaten. Mir si frouh iwwert all Propose an Ennerstetzung déi vun den Enseignant'e kënn. Oft trauen d'Schüler sech nët, a brauchen dann e kleng coup de pouce fir de Wee bei d'Tuteur'e vum Mérite Jeunesse ze fannen.

D'Tuteur'e hun e méi gezielt Recrutement op all de 5<sup>e</sup> an 4<sup>e</sup> gemat. Den Interessi war grouss. Eng 35 nei Kandidaten sin iwwert dee Wee rekrutéiert gin.

Fir eis Schüler adequat z'encadréieren hu mer dëst Joër 2 Tuteur'e méi. Niewt dem Rui Almeida an dem Patrice Entringer-Schmitt, huet och elo den Aaron Lanners an d'Marie-Lou Goedertz d'Formatioun vum Mérite Jeunesse ofgeschloss a kruten hiren Diplom als Tuteur vum MJ.

## **PRAKTESCHES**

Wann Dir Informatiounen braucht, Froen hutt, oder eis e Schüler wëllt schécken, fann der de Rui, D'Marie-Lou an den Aaron am Sepas. D'Patrice fann der am Buro vun den Attachées um 2te Stack am neie Pavillon.

Natierlech kënn der eis och e mail maachen : [meritejeunesse@ltb.lu](mailto:meritejeunesse@ltb.lu)